Jo, ganz sécher. Déi lescht Chiffren, déi am November erauskomm sinn, weisen datt entretemps 14% vun de Leit, un der relativer Aarmuttsgrenz leien oder drënner. Et gëtt awer 49,2% 'Monoparentaux', also Eleng Erzéier mat Kanner, déi un der Aarmuttsgrenz leien, dobäi 20% Kanner; do gesäit een dann, datt haaptsächlech déi Gruppen dem Aarmutt ausgesat sinn. Do denken ech, muss wierklech gekuckt ginn, wat datt een do ka maachen. Ee vun de Problemer, denken ech, ass deen, datt ganz vill vun de Fraen och nëmmen deelweis schaffe kënnen, well et keng 'Structures d'Accueil' ginn. oder well déi dermoossen deier sinn, datt et sech net fir si rentéiert. Doduerch fällt een da ganz séier op en Niveau, wou een eigentlech net méi domat liewen kann.



- Dir schwätzt elo vun allengerzéiende Fraen; gëllt dat dann och fir Männer?

Souwäit et elengerzéiend Männer gëtt, ass dat genee esou fir si. Et gëtt deer just laang net esou vill. Et si vrun allem d'Fraen, an dat beweist sech an den Statistiken: 95% Fraen a 5% elengerzéiend Männer.

- Wat mengt dir, wat d'Politik misst änneren, fir méi géint Aarmut a sozial Ausgrenzung ze man?

Ech hu virdru schonn eng Kéier kuerz dovu geschwaat: et misst ee méi kloer definéiert géint den Aarmutt goen, fir de Leit an bestëmmten Aarmuttssituatiounen konkret ze hellëfen.
Den EAPN vertrëtt ëmmer d'Meenung, datt een u sech misst e General Poverty Proofing aféieren, also u sech eng 'Armutverträglichkeits-Studie' man, bei allen neien Gesetzer déi kommen. Dat heescht, e Gesetz kann eréicht dee Moment gestëmmt ginn, wa kloer ass, datt Gesetz, wat vläicht fir bestëmmten aner Beräicher Avantagen bréngt, net op deer anerer Sait, Nodeeler bréngt, wat den Aarmutt an 'exclusion sociale' ugeet.

- Wat kann een als Privatpersoun am Alldag géint den Aarmutt man?

Am Alldag, als Privatpersoun, do ass vläicht net esou mat Suen ze hëllefen. Dat, wat awer ganz wichteg wäer: wann d'Leit am allgemengen emol, do wou se wunnen, eng oppen Approche hätten, zu Leit, wou se wëssen, datt se an enger temporärer oder och méi laangzäitlecher Aarmuttssituatioun sinn. Si missten op déi Leit duer goen an si an d'Gesellschaft integréieren, datt se, do wou se wunnen, um Liewe vun der Gesellschaft kënne matmaachen. Dat géif scho ganz vill hëllefen. Sie géiffen sech dann nët esou ausgeschloss spieren an och vläicht méi liicht erëm de Wee an en normaalt Liewen zeréckfannen, an deem si sech selwer méi sécher fillen.

- Sidd dir schon heiansdo un ärer Arbecht fir den EAPN verzweiwelt? Wollt dir alt schonn opginn?

Neen. Ech weess net, ob dat net u mengem optimistesche Charakter lät; eigentlech wollt ech nach ni opginn. Ech mengen awer och, datt d'EAPN an de leschte Joeren e relativ gudden Numm krut. Dat huet vläicht och eppes domat ze dinn, datt mir wierklech versichen, fir de Sprochrouer vun de Leit an Aarmuttsituatioun ze sinn. Mir komme mat konkrete Fuerderungen, déi op der Erfahrung vun de Leit baséieren. Aus deenen Rencontren, déi mir all Joer organiséieren, ass scho vill ervir gaangen. Am Beräich 'Agence Immobilière Sociale' gesäit et am Moment esou aus, wéi wa Bestriewungen do wäeren, fir vläicht op dee Wee ze goen; daat ass awer nach net esou konkret ewéi beim 'Tiers-payant'. Also eigentlech kann ee soen: bis elo ass nach kee Punkt gewiescht, wou mir an eiser Aarbecht elo

einfach eng Dier zou geschlo kritt hätten. Wat natierlech dramatesch ass: wann ee gesäit, datt d'Zuel vun de Leit, déi an Aarmuttsituatioun sinn, permanent an d'Luucht geet. Mir kréien och heiansdo d'Flemm, wa mir gesinn, wéi datt d'Ministèrë mat eise Fuerderungen ëmginn. Mä op deer anerer Sait soe mir äis dann awer, datt, wa mir dann a bestëmmte Beräicher eppes erreechen, dat scho guer net esou schlecht ass.

- 2010 ass daat europaescht Joer vun der Bekämpfung géint Aarmut a sozial Ausgrenzung. Sidd dir der Meenung datt d' Schafe vun esou engem Joer eppes bréngt? Kann een domat eppes änneren?

Also déi Joeren - 2010 am Zeechen vum Armut, 2007 vun der Chanceglächheet - déi si jo eigentlech do, fir d'Leit drop opmierksam ze man, datt unzwousch e Problem ass; datt een eppes muss änneren. An deem Sënn denken ech schonn, datt et gutt ass, wann et 2010 e Joer géint den Aarmut gëtt. Bei der Lissabonn-Strategie waren Zieler gesat ginn, et huet geheescht, d' Eradikatioun vum der Aarmut duerchzesetzen. Haut weess jiddereen natierlech, datt dat bis 2010 net méiglech ass. EAPN ass och eng Lobby, an déi man och eppes doraus. Fir 2010 gëtt sech op europäeschem Niveau schonn de Kapp zerbrach, wat en do konkret ka gemaach ginn; datt et net nëmmen e Joer géint den Aarmut um Pabeier gëtt, mä datt sech d'Leit wierklech bewosst ginn, wat fir e Problem et ass, en Aarmutt, dee wiisst oder op d'mannst net méi kleng gëtt, wat datt dat fir d'Leit bedeit, an datt een do eppes dogéint maache muss. Et ass fir d'Allgemengheet ze sensibiliséieren, mä awer haaptsächlech och d'Politiker, well déi ganz dacks ganz wäit vun der Realitéit dobaussen ewech sinn an sech guer net méi kënne virstellen, wat et heescht, wann ee mat ganz wéineg Geld a mat ganz wéineg Moyenë liewe muss.

- Si vum EAPN scho konkret Projetë virgesi fir dat Joer?

Op europäeschen Niveau gëtt doriwwer nogeduecht. Et gëtt versicht, eng méiglechst grouss Allianz ze man, fir 2010 elo net nëmme fir sozial ONGën mä och mat ONGën aus dem Ëmweltberäich. Deenen zwou ass nämlech datselwecht geschitt: si sinn iergendwann dem Profitdenken, der Wirtschaftlechkeet, der Competitivitéit geaffert ginn. Mir hoffen datt déi alleguer zesummen eppes kéinten duerstelle vis-a-vis vun dem anere Beräich, an datt do vläicht den Impakt méi grouss wär. Wat dat elo am Detail genau ass, wees ech nach net. Am Moment si mir mat der 'Rencontre participative' vum 21. Abrëll amgaang. Wat mir äis hei zu Lëtzebuerg schonn emol iwwerluecht hunn, ass, do eppes am kulturelle Beräich ze man, z.B. e Festival mat Filmer iwwer Ausgrenzung, Aarmut an esou virun. Einfach fir un ënnerschiddlech Meenungen a Problematiken ze goen, dann aus deem reng politesche Fuerderen erauszekommen an och emol aner Aspekter ze gesinn.

- Gesitt dir Ziel vun der UNO, bis 2015 d'Zuel vun de Lait mat manner ewéi 1Dollar pro Daag , ëm d'Halschent ze reduzéieren, iwwerhaapt als realistesch un?

Ech géif jo gären elo eppes aneschtes soen, mä als realistesch gesinn ech et net un. Ech denken awer, 2010 muss een Ausdrock dovunner sinn, datt een eppes wëllt man! Vun do hier ass et awer schon ëmer gutt, wann ee seet: bis 2015 wëll ech dat an dat erreechen. Et ass ganz kloer, datt dat bis 2015 net erreecht ass, mä vläicht hu mir jo esou weltwäit e puer Prozenter un Aarmut reduzéiert, an dat wäer jo eigentlech schon en Erfolleg, par rapport zu deem, wat do ugestrieft gouf.

- Ass d'Zäit ze kuerz oder läit de Problem iergendwou anescht?


2015 ass kuerzfristeg. Et wäer vläicht do och noutwendeg, datt ee géigeniwwer vun deer Globaliséierung, déi et soss an deenen aneren Beräicher gëtt, wann et elo ëm Wirtschaftlechkeet geet an esou weider, fir den Aarmutt och méi global unzegoen. Vläicht muss een déi Tendenze mat deene selweschte Moyenën bekämpfen. Ech weess z.B., datt am EAPN selwer op europäeschem Niveau och déi Diskussioun iwwer d'Globaliséierung gefouert gëtt, an datt een ebe seet, et misst een och global Léisunge géint Aarmutt fannen. Vläicht wäer dat e Wee fir deem Ziel ë bësselche méi no ze kommen.

Kinder voran

Wenn die Menschen das Wort Zukunft hören stellen sie sich alle etwas anderes vor. Die einen stellen sich vor durch all ihr Streben nach Glück, ihre beruflichen Anstrengungen steinreich zu werden. Andere wiederum glauben ihre Zukunft würde nur aus einem Häufchen Elend bestehen durch ihre momentane missliche Lage. Andere wiederum verschwenden keinen einzigen Gedanken daran da sie nur von Tag zu Tag leben. Sie glauben das Leben sei zu kurz um einen einzigen Gedanken daran zu verschwenden.
Für mich bedeutet Zukunft Ziele zu erreichen. Aber für jedes Zukunftsziel muss man auch Rückschläge und Niederlagen einstecken und einkalkulieren. Vor ein paar Jahren dachte ich auch, dass meine Zukunft ruiniert sei und ich in den Drogen untergehen würde. Doch da schenkte mir das Schicksal eine Familie und einen wunderbaren kleinen Sohn. Und plötzlich änderte sich schlagartig meine Einstellung zum Thema Zukunft. Mein Sohn schenkte mir einen Neuanfang den ich mit meinem Freund ergriff. Jetzt geht es mir nicht mehr so sehr um meine Zukunft, sondern um die Zukunft meines Sohnes. Aber damit er eine gesicherte Zukunft hat, müssen wir Eltern uns erst wieder in die richtige Bahn dirigieren. Seit dem Tag der Geburt meines Sohnes lebe ich mit einem neuen Motto. Jeder ist seines eigenen Glückes Schmied. Genau das muss jeder Mensch sich stets selbst immer wieder vorsagen, aber auch in die Tat umsetzen. Viele reden nur so daher, doch davon erreicht man nicht viel. Um sich eine schöne Zukunft zu sichern, muss jeder ein hartes Stück Arbeit leisten.
Ich befinde mich jedoch erst im ersten Teil meines Traums. Ich bin am minimieren vom Methadon, danach besuche ich mit meiner Familie eine Therapie, wo ich mich meinem Problem stelle, mich wieder ans Arbeiten gewöhnen werde und dann werde ich voll durchstarten um mir meinen Traum von einer schönen besseren Zukunft zu verwirklichen. Noch niemals im Leben war ich mir sicherer als je zuvor, dass ich es diesmal durchziehen und schaffen werde. Jeder kann seine Zukunft in die Hand nehmen und wenn er es von ganzem Herzen will und trotz verschiedener Rückschläge immer wieder aufsteht, kann es jeder schaffen. Wenn man sich jedoch mit der momentanen Lage abgefunden hat, ist es schade drum. Was einem jedoch helfen kann um die Hoffnung und den Kampf um eine bessere Zukunft durchzustehen, ist, ich nenne es mal ein „Talisman" zu haben. Dieser ist für mich, mein Sohn und dessen Vater. Sie schenken mir jeden Tag neue Kraft und Durchhaltevermögen. Um uns herum verändert sich die Zukunft so rasant, dass man an ihr teilhaben und man nicht auf der Stelle treten soll, wo es einem mittelmäßig oder sogar schlecht geht. Dann dreht man sich nur im Kreis und die Zukunft zieht mit all ihren wundervollen neuen Möglichkeiten, Entdeckungen und Vergnügungen an einem vorbei, ohne es zu merken. Jeder Mensch hat es verdient ein Stück schöne Zukunft für sich zu entdecken. Doch es soll nicht auf Kosten anderer erfolgen. Würde jeder auf seinem Weg in die Zukunft Hilfe annehmen, anstatt skrupellos zu handeln, gäbe es gleichzeitig mehr Frieden und Glück in unserer Welt. Viel Glück wünsche ich jedem von euch und niemals den Mut verlieren denn der Weg zu einer glücklichen Zukunft ist steinig und schwer doch offen für jeden von euch. Ihr müsst nur kämpfen.

D.J.

Wou féiert dat hin?



Den Titel vun dëser Zeitung ass “Zukunft”. Ech fir mäin Deel maache mir eigentlech net sou vill Gedanken iwwer d’Zukunft. Fir mech ass “gëschter” d’Vergangenheet, mat där ech muss liewen an se sou unhuelen wéi se nun emol war. “Muer” ass d’Zukunft; do weess ech net, wat kënnt, an ech denken, et kënnt ebe wat kënnt! Vill Afloss dorop hun ech souwisou net. D’Liewe besteet an sech aus dem Ament vun elo, dem “Haut”, “Hei” an “Elo”… an esou liewen ech och.

Wann ech mir trotz allem Gedanken iwwer d’Zukunft gemaach hunn, da betrëfft dat éischter d’Zukunft vun de-enen nächsten Generatiounen, déi op dësem Planet musse liewen, dee mir an enger Zäitspann vun nëmmen 200 Joer praktesch zu Grond geriicht hunn.

Beispill: den éischten Erdueleg ass géint 1858 eropgeholl ginn. Mir hunn et fäerdeg bruecht, tëscht de Joeren 1980 bis 2007 genau souvill Ueleg ze verpuffe wéi vun 1858 bis 1980…? Fannt dir dat normal?

Dat grousst Wuert vun dësem Joerzéngt ass “Klimawandel”. Deen ass et nach ëmmer ginn, wäert dir mer soen… stëmmt souguer! Mee dës Kéier si mir Mënsche selwer den Ausléiser dovun!

Firwat musse mir e ‘Kioto-Protokoll’ befollegen, e G8 Gipfel ofhalen, wann déi gréissten Industrielänner (Schwellelänner) wéi China, Indien,… asw, awer och Länner wéi d’USA dee Vertrag net ratifizéieren? Sie verschmotzen d’Ëmwelt awer minimum grad souvill wéi aner Länner, schon eleng duerch hir héich Awunnerzuel. China mat 1,4 Mrd, an Indien mat 1,2 Milliarden Awunner.

Firwat muss Lëtzebuerg drënner bludden, wéinst deem héigen Tanktourismus, deen natierlech och vill Steiergelder erabréngt. Dee Sprit gëtt jo net hei verfuer, mee an den Nopeschlänner. Wisou solle mir dann dofir blechen? Iwwregens: Ob en do an d’Loft geblose gëtt oder bei äis…d’Resultat bleift datselwecht.

Wéivill Geld spende mir all Joer an d’Ausland? Wéivill Geld huet Indien ewell vum Lëtzebuerger Staat fir Entwécklungshellef kritt? Just dat Land, wou all Dag honnerte vu Kanner (Leit) vun Honger stierwen, benotzt dat Geld fir Atomversich ze maachen, an viru kuerzem hir éischt Langstrecke-Rakéit mat Atomsprengkapp auszeprobéieren…?

All Dag ginn Hektaren an Hektare vum Amazonasbësch ëmgemaach, fir all méiglech Zwecker. Mir wëssen all, datt dee Bësch d’Long vun eiser Äerd ass, an d’Bëscher am Allgemenge fir frësche Sauerstoff suergen…an awer huet nach keen et fäerdeg bruecht, do e Machtwuert ze schwätzen, fir datt dat ophéiert. Geld sténkt nunemol net, an et wëllt och keen sech naass maachen, fir dee Schrëtt ze ënnerhuelen! Eist Ozonlach wäer gestoppt, soen se? An trotzdem schmëlzen an der Arktis d’Äisfelder an enger Vitesse, déi eis eigentlech zum Nodenke misst kréien. D’Fëschbestänn am Mier ginn ëmmer méi kleng; a vill Arte si vum Ausstierwe bedreet oder si schonn net méi do. Doduerch sinn automatesch och aner Déieren, déi sech vu Fësch ernieren, e Gefor. Fir äis Mënschen ass de Fësch och eng wichteg Nahrungsquell; vill Vëlleker ernieren sech haaptsächlech vun deem Produkt. Eist Drénkwaasser: Proppert Drénkwaasser gëtt och ëmmer méi rar…och wa mir Filteranlagen a Kläranlagen hunn, et gëtt ës awer ëmmer manner. Ech fannen et gutt, wa mir souvill wéi méiglech Materialië recycléieren, awer wat soll dat, wann ech fir d’éischt Fläschen, Dousen…asw muss mat propperem Drénkwaaser soll ausspullen, iert ech se an de Recycling ka geheien? Well net jiddereen huet d’Méiglechkeet Reewaasser opzefänken an domatt auszespullen.

Wat bréngt d’Zukunft nach an engem klenge Ländchen, aus deem soll e 700.000 Awunner-Staat ginn?

Schonn elo, an dësem Moment herrscht hei am Land Wunnengsnout, och wann eis Regierung dat net wëllt wouer hunn. Et gëtt vill geschwat vu sozialem Wunnengsbau, also sech bëlleg eppes bauen, oder sech zu soziale Präisser eppes unzeschafen. Et schwätzt awer kee vun deene Leit, wou net dat eent, an net dat anert a Fro kënnt, well se einfach net genuch verdingen. Wéini kämpfen der mol géint déi iwwerdriwwen héich Loyerën un, déi keen Aarmen sech méi ka leeschten. Bei deene meeschte geet op d’mannst d’Halschent vun hirem Akommes fir de Loyer drop.

Da froen ech mech, wouhin déi 250.000 Leit nach solle wunne goen, déi mer brauchen, fir op 700.000 ze kommen? Eng Universitéit hu mer misse bauen, dat wäer wichteg, hunn se gemengt! Also fir de Prestige, a fir am Ausland gutt do ze stoen! Et huet sech awer keen driwwer Gedanke gemaach, wou déi 5000 Studenten, an 800 Leit Léierpersonal sollen ënnerkommen. Da musse mer alt erëm eppes bauen, wat mer zu sozialen Präisser kënne verlounen, a wat selbstverständlech de Steierbezueler muss berappen.

Iwwerall, wou een an der Stad hikuckt, wuessen enorm Bürosgebaier an den Himmel; eis Alstad, déi mer fir sou gemittlech halen, ka geschwë mat der Skyline vun enger grousser amerikanescher Stad konkuréieren. Et stin awer dausende vu m² Bürosflächen eidel, obwuel et u Wunnengen mangelt! Do froen ech mech, wuer dat hiféiert?

Et géif mech intresséieren, wat eise Premier driwwer denkt, datt der vill vun eise Matbierger d’Land verloossen an hannert de Grenzen en neit Doheem sichen! Wat denkt eng Regierung iwwerhaapt, wann hir Landsleit zu Grenzgänger fir dat eegent Land ginn, nodeems se d’Awunner duerch eng horrent Präisspolitik aus dem Land gëeekelt hunn? Wat geschitt an der Zukunft mat eisem Land, an dem een als Lëtzebuerger muss fir seng eege Sprooch kämpfen? Deem Land, wou all Dag 150.000 Leit iwwer d’Grenzen komme fir ze schaffen, obwuel mer ëmmer méi Aarbechtsloser hei hunn. Wat geschitt, wann et sou viru geet, datt eis Regierung net Courage genuch huet, sech dogéint ze wieren, datt Betrieber un auslännesch Privat-Firmen verkluddert ginn? Betrieber, déi während Joerzéngte fir de Wuelstand an dësem Land gesuergt hunn!

Wat geschitt mat eiser Jugend an der Zukunft? Wat fir Alternativen hunn déi, déi ouni Ofschloss aus der Schoul kommen? Leider gëtt net jiddereen als Einstein gebuer!

Vill Froen an nach vill deer, op déi ee wuel ni eng Äntwert kritt. Mee d’Zukunft wäert et weisen.

Mäi Wee ass fir mech kloer. Wann ech sollt al genuch ginn, fir d’Pensioun ze kréien, da wanderen ech aus. An e Land wou et méi waarm ass a wou d’Liewenskäschte méi bëlleg si wéi hei am Land. Et hällt mech absolutt näischt hei… an ech si mat wéineg zefridden!

Marcel L.

Zukunftsperspektive?

Die Zukunft gehört dem Menschen, der sie annimmt. Man kann aber auch auf die Zukunft scheißen und lebt ohne Phantasie in den Tag hinein. Hier steht dann jemand, dem alles egal ist und für den Hoffnung ein Fremdwort darstellt. Die Illusionisten sind der Zukunft immer weit voraus. Doch die ‚'normale" Zukunft sieht irgendwie immer anders aus und die Utopie sucht wie immer ihres gleichen in der Phantasie. Die Pessimisten sind geläutert, denn Schwarzmalen gehört zu ihrem Weltbild. Die Realisten sind genau das Gegenteil und nehmen sie wie sie kommt. Es gibt auch noch eine Gattung, die denken selbst und für die birgt die Zukunft was positives. In der Vergangenheit gab es viele falsche Propheten, die den Aberglauben der Leichtgläubigen für ihre Zwecke mißbrauchten und nur ihrem Sinn verpflichtet waren. Was ist schon geheim umwittert, dies kann nur die Zukunft sein, und dies war für die Bauernfängerei früherer Despoten genauso wie heute die Kapitalisten. Bei einem Abendessen unter Bekannten erzählte jeder seine Erfahrungswerte in puncto Zukunft. Früher sagte man, solange die Sonne jeden Tag noch am Firmament steht, solange dreht sich diese Welt weiter und solange gibt es eine Zukunft. Dass der Umweltsch(m)utz die Zukunft bestimme, davon reden alle, doch die Realität wird vom Gewinngehabe der Aktionäre der Auto-, Flug-, Chemiebranche ausgehebelt. Arbeitsplätze werden wegrationalisiert. Die virtuelle Welt der Börsianer und die Globalisierung des Kapitals bestimmt, was du morgens und abends denken bzw. dein Handeln, deine Sorgen um deinen Arbeitsplatz ob du auch morgen noch diesen Stammplatz dein eigen nennen darfst. Solange die Zukunft in den Händen einiger wenigen Vordenker liegt, die nur den Mammon vor Augen als endgültiges Lebenselixier empfinden, solange das Profitdenken als Gebet praktiziert wird und einem spätere Generationen egal sind, die Geldmanie als Götzen verkörpert wird, solange schlittert diese Welt am Abgrund hin und her. Bei diesen Gesprächen kristallisierte sich heraus, alle haben Bedenken was Zukunft angeht, alle hoffen auf bessere Zeiten. Was ist bloß los bei den Denkern, die diesem Verfall der Moral fassungslos gegenüber stehen. Was wären die besten Zukunfsaussichten?

pawe

De Paul huet eis de 26. März fir ëmmer verlooss. Hien ass ganz onerwaart gestuerwen, a kee vun eis hat d'Méiglichkeet, him richteg Äddi ze soën. Mir vermësse séng flott Iddien an eise Versammlungen, sain Asaz, séng Rou a bal alle Situatiounen a virun allem séng fréndlech Art a Weis a säin onvergläichlechen, dréchenen Humor. Hien hut seng Spueren nët nëmmen an eiser Zeitung mee och an eisem Liewen hannerlooss. Doriwwer si mir frou. Äddi Paul, mir halen dech an gudder Erënnerung!



Die Hoffnung
stirbt zuletzt



Ich stelle mir meine Zukunft etwas anders vor, als bisher. Ich möchte in der Zukunft wieder in das normale Arbeitssystem reinkommen und einen festen Arbeitsvertrag bekommen. Doch es ist nicht so leicht wie man glaubt. Doch ich werde alles tun um eine bessere Zukunft zu bekommen, als meine Vergangenheit war. Ich möchte in der Zukunft nicht mehr in der Toxikomanenszene sein, weil ich mir meine Zukunft ohne Drogen vorstellen könnte. Ich möchte auch wieder Kontakt mit meinem Sohn aufnehmen und viel mehr Zeit mit ihm verbringen. Ich habe vor den Führerschein zu machen und mir danach ein Auto zu kaufen.

Im Moment ist meine Kinderdorfsmutter sehr sehr krank, doch ich bete für sie, dass es ihr in Zukunft besser geht.

Ich hoffe auch, dass in Zukunft mehr für unsere Umwelt getan wird. Diese braucht viele Veränderungen, um weiter bestehen zu können. Doch was kann ein einzelner Mensch in Zukunft für unsere Umwelt tun? Es gibt viele Möglichkeiten, wie z.B. den Müll wiederverwerten, aufden öffentlichen Transport zurückgreifen und das Auto in der Garage stehen lassen. Mehr zum Fahrrad greifen oder zu Fuß gehen, so verpesten weniger Abgase unsere Umwelt. Zudem frage ich mich sehr oft, ob die Menschen meiner Generation in Zukunft noch etwas mit der Technik anfangen können. Denn die Technik verändert sich von Monat zu Monat. Eine weitere Frage, die ich mir schon sehr oft stelle, wie sieht es mit den Arbeitsplätzen in Zukunft aus? Ich hoffe, dass in Zukunft weniger Menschen ohne Arbeit sind. Doch Langzeitarbeitslosigkeit ist ein großes Problem in unserer Gesellschaft und wird es bestimmt auch bleiben. Viele jungen Leute möchten sogar nicht mehr arbeiten gehen; ich hoffe, dass sich das in Zukunft ändern wird.

DanB

An alle unsere Spender

▷ Wie viele Menschen daran denken, dass es ihnen besser geht als anderen, haben wir immer wieder im Laufe des Jahres festgestellt. Unzählige Personen, Gesellschaften und Vereine haben die Stëmm vun der Strooss durch Abonnements oder Spenden unterstützt. Die Höhe der Spenden reicht von 10 € bis zu 12.000 €.

Vous souhaitez soutenir plus concrètement les plus démunis de notre société? Par le parrainage, c'est possible: il vous suffit d'acheter des bons de consommation qui leur permettront de boire et de manger gratuitement chez nous, au Treffpunkt 105.

1 bon = 25 cents = 1 boisson chaude ou froide. 2 bons = 0,50 € = 1 repas chaud Indiquez-nous le nombre de bons désirés et virez la somme correspondante sur le compte LU63 0019 2100 0888 3000 de la BCEE avec la communication "bons Treffpunkt".

▷ D'Stëmm vun der Strooss vient d'obtenir le statut d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 29 août 2003. Vous pourrez désormais déduire des impôts les dons que vous nous aurez faits.

Immo-Stëmm: Un toit pour toi

Depuis le 1er janvier 2001, la svds a réussi à retrouver un logement décent à 35 personnes. Vous pouvez nous aider à faire encore plus en versant vos dons sur le compte

BCEE
LU63 0019 2100 0888 3000

de la Stëmm vun der Strooss, avec la mention « Immo-Stëmm ». Si vous disposez d'un logement à petit prix, merci de bien vouloir nous contacter au Tél : 49 02 60.

Les vieux
sous la caméra!



Les vieux
Quel futur pour les personnes de plus de cinquante ans? Peut-on encore trouver un travail convenable? Je pense qu'on peut l'oublier. En effet, les patrons vont préférer un trentenaire soit disant «dynamique», mais ce chef d'entreprise sait très bien qu'un jeune lui coûte beaucoup moins cher. Pourquoi met-on les «vieux» sur une voie de garage? J'ai constaté chez mes amis que les seules places qu'ils arrivent à décrocher, ce sont des postes dans des a.s.b.l., qui sont, en général, financées par l'état. Pourtant, ces «vieux» comme on dit, ils travaillent encore à l'ancienne avec une plus grande conscience professionnelle. Ils ne pensent pas spécialement au fric et aux vacances. Même malade, la personne d'expérience sera présente, elle ne se plaint pas. D'ailleurs une personne que je connais qui était à quelques mois de la pension, a récemment eu un accident de travail qui lui a, par la suite, coûté la vie. Pourtant, ce dernier ne se plaignait jamais, il était toujours présent, ponctuel et disponible. Pourquoi met-on toujours les vieux au rancard!


Sous la caméra
On se sent observer à tout moment, dans tous les lieux. Maintenant il y a des caméras presque partout. Je crains que dans les années à venir, la situation soit encore pire! Le moindre de nos gestes se retrouvent directement sur un moniteur vidéo. Mais où est le respect de la vie privée? Est-ce qu'on a encore droit à une vie privée? Ou bien doit-on agir comme des robots sur commande. Avec les montages que l'on peut faire avec un ordinateur, plus personne n'est à l'abri, chacun de nos gestes mis dans un contexte différent peut nous conduire en prison. Lorsque, tu vas dans un magasin, tu fais un geste dos à la camera qui semble suspect, tu passes à la caisse sans achat, et quelques minutes plus tard tu te retrouves dans le bureau de la sécurité pour quelque chose que tu n'as pas commis. Et c'est difficile de justifier un acte dont on est innocent.
A la gare tu es filmé par je ne sais combien de dizaines de caméras, elles sont très bien cachées, on dirait des lampes. Je trouve que c'est investissement inutile car les petits délinquants sont toujours présent, et si par hasard ils se font arrêter, il y a toujours un autre petit criminel qui sera là pour prendre la relève. Dans les trains et les bus c'est idem, dans les grandes surfaces c'est encore pire, comme dans les banques et dans n'importe quel magasin. Même sur les autoroutes. Pourquoi ne pas en mettre dans les toilettes? Je suis sur qu'il s'y passe dans choses intéressantes, si j'ose me permettre. Mais même si on est sous surveillance, il existe toujours un risque qu'il y ait un accident. Dans le futur, il serait intéressant, de former les gens au premier secours, on pourrait oublier les cours de latin et de grec, et former les jeunes à survivre dans le monde moderne.
À force de placer des cameras partout, on crée une paranoïa chez les gens, même quand il n'y a pas de raison. Et puis combien d'histoires sont actuellement au tribunal car des images de Madame X et Monsieur Y se retrouve par hasard sur Internet. Pour finir, on se demande qui surveille qui? Chacun espionne son voisin!

Jean D.

Ein Haufen Ameisen
frißt die wütende Schlange

Zukunft hier in Luxemburg wird immer düsterer denn obdachlose Luxemburger Bürger müssen im Foyer und in Hotels wohnen. Wegen den offenen Grenzen kommen immer mehr Kriminelle und billige Tagelöhner ins Land. Es hat ja nicht lange gedauert bis die Arbed billig verkauft wurde und andere Fabriken auch schon nachziehen in Billiglohnländer. Man sieht das ja schon in Deutschland, Frankreich und so weiter. Ein japanisches Sprichwort besagt: Eine wütende Schlange (für Politiker) kann gefressen werden von einem Haufen Ameisen (Volk). Autos ohne Benzin, ist alles machbar und bessere Lebensqualität auch, es hängt nur am Menschen selbst. Was in Zukunft die Politiker haben wollen, die sich 700 000 Einwohner wünschen und noch nicht mal 9000 am Arbeitsamt klassiert bekommen.
Die Politiker werden immer neue Gesetze erfinden für uns Sozialstaatabhängigen. Heute ist es der RMG, ATI und morgen ist es der 13.3 und für uns werden sie in Straßbourg oder Brüssel in späteren Jahren einen anderen Namen erfinden. Beim Arbeitsamt werde ich in Zukunft immer mit 45 Jahren schwer vermittelbar sein. Eine Zeitmaschine das wäre für mich eine Zukunftsmaschine, denn dann könnte man sich in die Zukunftsgeschichte einmischen. In Zukunft wird es immer Edelnutten geben, die für wenig Sex viel Geld nehmen, Drogenabhängige, Prostituierte, die sich für wenig Mücken, bücken. Es wird immer Strummerten geben, die mit Prothesen und Krücken für ein paar Cent betteln müssen sowie korrupte Despoten, Chaoten, Diktatoren und Politiker in allen Rassen. In Zukunft wird es immer Sozialempfänger geben die auf der Straße erfrieren oder krepieren und das ist beschämend.
Jetzt hör ich lieber auf über die Zukunft zu schreiben oder zu grübeln, denn sonst muss ich in mein schwer erbetteltes Bier kübeln.
Früher gab es Visionäre wie Leonardo Da Vinci, Nostradamus, Jules Verne…
Heute gibt es Träumer und die wird es immer geben.

Boomer



Und sie wird auf ewig
ein Rätsel bleiben...


photocase.de mys

Durch eigene Überlegungen, angeregt durch professionelle Gespräche in meiner Vergangenheit, bin ich zur Ansicht gekommen, was die Bedeutung von Vergangenheit, Gegenwart und Zukunft sein kann. Unsere Zukunft ist teilweise oder auch stark durch unsere Vergangenheit geprägt. Das Erleben unserer Vergangenheit hat deshalb einen unvermeidbaren und direkten sowie erheblichen Einfluss auf unsere Zukunft und unsere Zukunftsaussichten.
Man soll und kann sich verschiedene Fragen nicht verkneifen! Welche Werte werden einem Kind mit auf seinen Lebensweg gegeben wird? Wurde dem Kind eine soziale Erziehung gegeben? War das Kind sich selbst überlassen? Gab es eine Familie, die das Kind auf seine Zukunft vorbereitet und seine Bedürfnisse ernst nahm?
Ich habe viele Bekanntschaften gemacht mit Leuten die heute erwachsen sind, welche früher als heranwachsende Kinder und Jugendliche links liegen gelassen wurden. Sie wurden als emotionelle Mülleimer benutzt, missbraucht und geschlagen. Ihnen wurde nicht die Fürsorge entgegengebracht, die ihnen zustand. Erziehung und schützende Hände sind die Eisenbahnschienen, die den Menschen für seine Zukunft wappnen. Sie schützen und lenken, so, dass die Welt nicht aus den Fugen gerät und man auf die schiefe Bahn gerät.

Für mich zählt vor allem, welchen Wert wir als Kind mit auf den Weg bekamen. Was war unsere Bestimmung in der Familie? Was war unsere Rolle in der Schule, was wurde uns dort vermittelt und mit auf den Weg gegeben?
Später beeinflußt uns unsere Rolle im gesellschaftlichen Leben. Waren wir immer erwünscht? Bekam man von vorneherein den 'Schwarzen Peter'? Wurden unsere Rechte und Bedürfnisse respektiert oder mit Füßen getreten?
Die Vergangenheit ist für jeden Menschen der Baustein seiner Zukunft, sie kann den Menschen für sein Leben prägen! Jedoch hat meiner Meinung nach jeder gesunde(!) Erwachsene die Gelegenheit, auch wenn es nur ein kleines Quäntchen Möglichkeit gibt, seine eventuell "misslungene" Vergangenheit hinter sich zu lassen und nach vorne zu schauen.
Jeder Mensch hat also die Wahl, sich sein Leben lang zu bemitleiden oder sich seinen Problemen zu stellen, das Leben in seine eigenen Hände zu nehmen, zu kämpfen und seine Vergangenheit hinter sich zu lassen. Sicherlich ist es nicht die leichteste Aufgabe und viele scheitern dabei oder brauchen sehr lange um mit verschiedenen Erinnerungen fertig zu werden.
Den Weg zu kennen und ihn zu gehen, ist ein großer Unterschied. Das Leben ist sehr kompliziert und es wird in der Zukunft nicht einfacher werden. Dennoch kann jeder Mensch sein Glück finden. Für den einen wird diese Erkenntnis vielleicht etwas länger dauern als für den anderen. Doch jeder wird irgendwann 'erkennen' und kann dann seine eigene Wahl treffen, wie er seine Zukunft einrichten will und in welche Richtung er gehen wird. Ob wir unsere Zukunft tatsächlich ganz bestimmen können oder ob es Kräfte gibt, die uns lenken, können wir nicht wissen. Was wir jedoch können, ist den Weg mit Herz und Verstand zu gehen, dann wird die Zukunft sicherlich auch für uns sprechen!

Yves E.

Leserbrief

An eiser éischter Redaktiounsversammlung iwwer d'Thema Zukunft hat ech gesot, ech wärt e ganz schwaarzen (trauregen) Artikel schreiwen. De Paul sot zu mir: "da muss du eben eng Lut umaachen". Zwou Woche méi spéit ass séng Lut ausgaang. Hien ass onerwaart duerch en Härzinfakt gestuerwen am Alter vun 59 Joer. Ech schuddere mëch, well all Joer stierwen 1 bis 3 gutt Kolleegen a Frënn vu mir, an all am Alter vun Ufang 50 bis Ufang 60 Joer. Et gëtt elo e Paul manner, an ech hoffen, dass ech net deen nächste Paul sinn.

Paul L.

Klick

Ein perfektes Chaos Dinner in Esch

Unter dem Motto „Das perfekte Chaos Dinner" stellten 9 Jugendliche zwischen 13 und 19 Jahren, zusammen mit Norbert Jung, dem Verantwortlichen des Jugendhaus Bascharage, ihre Kochkünste unter Beweis. Das von den Jugendlichen zusammengestellte Menü wurde dank tatkräftiger Hilfe der Kochmannschaft der „Stëmm vun der Strooss" Esch pünktlich um 12 Uhr serviert.
Ziel dieses Projekts ist es, den Jugendlichen die Möglichkeit zu geben, unterschiedliche gesellschaftliche Gruppen und Bereiche kennenzulernen. Toleranz, Teamfähigkeit und Hilfsbereitschaft sollen gefördert und Vorurteile abgebaut werden.
Selbst der Präsident des Jugendtreff SABA, Roberto Traversini, ließ sich dieses Event am 25. März nicht entgehen.



Info

Die Mitglieder der Redaktion der Stëmm vun der Strooss sind wieder «on air». Sie präsentieren ihre Sendung D'Stëmm vun der Strooss: Informatiounen vun der Strooss vir d'Leit op der Strooss, jeden ersten Dienstag im Monat von 18:30 bis 20:00 Uhr auf Radio ARA 103,3 und 105,2 FM.


Retrouvez toute l'équipe rédactionnelle dans l'émission D'Stëmm vun der Strooss: Informatiounen vun der Strooss vir d'Leit op der Strooss, diffusée chaque premier mardi du mois, de 18:30 à 20 heures, sur les fréquences 103,3 et 105,2 FM de radio ARA.





Stëmm vun der Strooss asbl
105, rue du Cimetière
L-1338 Luxembourg
Tél. (00352) 49 02 60
Fax (00352) 49 02 63
stemm@stemmvunderstrooss.com
www.stemmvunderstrooss.com

LUXEMBOURG



ESCH SUR ALZETTE

32, Grand-Rue
L-4132 Esch-sur-Alzette
Tél. (00352) 26 54 22
Fax (00352) 26 54 22 27
esch@stemmvunderstrooss.com
www.stemmvunderstrooss.com



Equipe rédactionelle:
Tania Draut, gen, pawe, DanB, DanW, SuzyP, SandraD, Boomer, JeanD, PaulL, MarcelL, Alexandra Oxacelay, YvesE, DavidM, KarimN, D.J.
Photos / Illustrations:
Stëmm vun der Strooss, SusyP, YvesE
Layout:
Stefan Thelen
www.modelldesign-trier.de
Korrektur:
Lëtzebuergesch Sprooch an Orthographie: Lex Roth
Impression:
Polyprint, 44, rue du Canal,
L-4050 Esch/Alzette

Abonnement:
Vous pouvez soutenir nos actions en choisissant l'une de ces formules:

Abonnement journal + carte de membre:	20 €
Abonnement journal:	15 €
Carte de membre:	10 €

en versant la somme correspondante sur le compte LU63 0019 2100 0888 3000 auprès de la BCEE.
D'Stëmm vun der Strooss vient d'obtenir le statut d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 29 août 2003. Vous pourrez désormais déduire des impôts les dons que vous nous aurez faits.

Rédaction:
105, rue du cimetière
L-1338 Luxembourg/ Bonnevoie
Tél: 49 02 60 Fax: 49 02 63
redaktion@stemmvunderstrooss.com
www.stemmvunderstrooss.com

Stëmm vun der Strooss asbl est conventionnée avec le Ministère de la Santé et travaille en étroite collaboration avec la Croix Rouge luxembourgeoise.

Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'opinion de l'association.